PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/05/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Digitalisatioun, Bildung & Justiz weiderzeleeden.**

Den Educatiounsministère huet rezent d'Ausschreiwunge gemaach, fir ee *"pool national études surveillées"* an ee *"pool national accueil d'enfants"* opzestellen. De Ministère gëtt dobäi vum CGIE ënnerstëtzt, deen een Online-Aschreiwungs-Formulaire opgestallt huet, an deem perséinlech Donnéeën ergraff ginn, dorënner och d'Matricule an d'perséinlech Ënnerschrëft. Dësen Online-Formulaire kënnt vun der US-amerikanescher Firma Formstack a leeft also iwwer amerikanesch Serveren, also ausserhalb vun de Reegele vum europäeschen Dateschutz (RGPD).

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Firwat benotzt d'Regierung fir dëse Formulaire
    1. keen Open Source?
    2. kee lëtzebuergeschen, voire europäeschen, Server?
2. Ass d'Regierung der Meenung, datt eng Formstack–Ënnerschrëft den néidege Krittäre vum *eIDAS* entsprécht, wëssend, datt mat der Ënnerschrëft eng Consultatioun vum Casier judiciaire erlabt soll ginn?
3. Consideréieren d'Ministeren, datt de Formstack-Formulaire deenen Dateschutzstandarden entsprécht, déi mir zu Lëtzebuerg oder an der EU uwenden?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

www.piraten.lu